

huet an dass en elo zum Schluss vu senger politescher Carrière d’Konkretisatioun och nach konnt hei erliewen, wéi och um Terrain vu senger Gemeng, wou e laangjähereg Buergermeeschter ass, ass bestëmmt eng enorm Satisfaktioun. An ech muss lech soen, Här President, ech géif jiddwerengem vun ons heibanne wënschen, esou mat der politescher Carrière opzehalen, wéi den Här Sunnen dat mécht, op esou engem Succès.

Op jidde Fall a mengem Numm, am Numm vun der DP-Fraktioun, villmools Merci dem Fred Sunnen fir all déi Aarbecht a bonne chance a vill Freed an der wuelverdéngrer Penssioun!

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Da wollt ech, Här President, ee Wuert zu deem Projet de loi soen, deen d’Ëmsetzung vun der Direktiv vun 2005 ass iwwert d’Reconnaissance vun den Titren an den Diplomen.

Mir hunn den Dépôt vum Gesetz vun 2008 gehat; och do huet et also dräi Joer gedauert, bis de Projet de loi déposéiert ginn ass. Mä et ass en techesch komplizéierte Projet. A wann ech kucken, dass een huet misse fäerdeg bréngen, an enger Direktiv all d’Memberlänner zesummenzebréngen, wou all Land seng Kultur, seng Geschicht hat vum Développement vu senger ganzer Ausbildung, vun all sengen Titren, vun all senger Formatiounen, fir dat op e gemeinsamen Nenner ze bréngen, esou ass dat net einfach, an esou komplizéiert sinn dann och d’Ausféierungsbestëmmungen duerno. An ech kéint mer virstellen, dass an der Applikatioun vun deem Gesetz duerno nach munch Hicken dra sinn, wann ee Cas particuliers da kuckt.

Mä hei zu Lëtzebuerg komme mer vu wäit hier. Den Här Fayot ass elo leider net hei. Ech mengen, hien ass deen Eenzege heibannen, ech menge mam Här Helminger a mam Paul-Henri Meyers, déi d’Collation des grades nach gemaach hunn.

D’Collation des grades, déi ‘68 ofgeschaf ginn ass, d’Collation des grades, déi méi jénger Kollege wëssen net, wat dat bedeit huet. Do huet ee fir d’Médecine, fir Droitsstudien a fir Lettersstudien hei fir d’éischt de Cours supérieur gemaach, an dann ass een an d’Ausland op d’Uni gaang, mä d’Diplomen huet een all missen hei maachen, fir habilitéiert ze ginn, duerno de Beruff hei kënnen ze exercéieren.

An dat war, hunn ech mer vu Kollege soe gelooss, an déi, déi dat matgemaach hunn, wëssen dat, guer net esou einfach. Sengerzäit ass gesot ginn: „Si ginn e ganz Joer an d’Vakanz op Aix, an da komme se heihin a si maache just dann d’Examen hei.“ Mä dat war awer net esou einfach.

Aus där Iwwerleeung ewechzekommen, fir dann Diplomen unzeerkennen aus dem Ausland an hei dann an deene Beruffer ze exercéieren, bis elo zu der Direktiv, dat ass natierlech en enorm wäite Wee, an et sinn nach haut Leit, an ech weess dat, déi di sech schwéier. Da kann ech mer virstellen, dass an anere Länner, wou se och hir eege Prozeduren haten, mat hiren Instituts de formation, mat hiren Universitëiten, dass déi sech och schwéierdinn. Mä ech mengen, dat hei ass awer e positiven Aspekt vun Europa, wou mer konkret awer kënnen Europa praktizéieren.

Et muss een awer och betounen, dass d’Reconnaissance vun engem Diplom net gläichzesetzen ass mat engem Accès à l’emploi. Dat gëtt oft verwiesselt. Wann een en Diplôme reconnu huet, dann ass een employabel an da kann ee sech mat deem Diplôme requis och op e Poste mellen, mä et muss een awer net onbedéngt dee Poste kréien, well dat gëtt et néierens, net am Privatsecteur an och net an der Fonction publique. Mä ech mengen, do ass oft Konfusioun awer, déi virherrscht.

Et gëtt och an der Praxis onwahrscheinlech Beispiller, déi zu Schwierigkeete kënnen féieren, an ech wéilt just ee Beispill zitieren: Dat ass e Marokkaner, dee seng Secondairesstudien am Maroc gemaach huet, huet dann e marokkanesche Bac, geet a Frankräich, gëtt do zougelooss fir Medezinsstudien ze maachen, mécht do all seng Medezinsstudien, schléisst do of mat all deenen Diplomen, déi ee brauch, fir de Métier vum Dokter ze exercéieren a Frankräich. Dee wëllt dann op Lëtzebuerg schaffe kommen, da gëtt gesot: „Dat geet awer net“, well de Premièresexamen, deen en huet, dat ass kee Premièresexamen, dee Lëtzebuerg unerkennt.

Well, ech mengen, dat ass de Processus oder den Accord de Lisbonne sengerzäit gewiescht, wou Länner adhéréiert hunn, wou d’Reconnaissance mutuelle vun de Premièresdiplome war. De Maroc huet deem net adhéréiert. Frankräich awer hat ëmmer en Accord bilatéral mat alle Maghrebstaten, fir de Bac unzeerkennen, esou dass en a Frankräich konnt exercéieren, wat awer en EU-Land ass, mä awer net zu Lëtzebuerg, well en do dee Lëtzebuerger Bac net hätt.

Mengen Informatiounen no ass dat do awer och elo entre-temps geregelt, a Gott sei Dank geregelt ginn, mä et ass fir ze weisen, wéi komplizéiert déi Procéduren awer sinn.

Wann et ëm Leit geet, an ech mengen, mir kréien och nach heiansdo Cas de figures, wéi mer net wëssen, wéi mer se solle léisen; ech wëll lech nach ee Beispill ginn: Do handelt et sech och ëm een, deen net an der EU ass, mä ëm en Iraner. En Iraner, deen e Baccalauréat am Iran hat, kënnt op Lëtzebuerg. Dee Baccalauréat kann zu Lëtzebuerg unerkannt ginn, well en de Flüchtlingsstatut hat, an dat ass gemäss der Konventioun vu Genève vun 1951 dann unerkannt.

Deen huet awer seng Reconnaissance vu sengem Diplom ni gefrot, well en et net gebraucht huet. Du gëtt deen Iraner Lëtzebuerger, do huet en duerno d’Reconnaissance vum Bac gebraucht, an du freet en un, d’Reconnaissance ze kréien, do ass gesot ginn: „Ah neen, dee Bac kënn mer net unerkennen, well mam Iran hu mer kee bilaterraalt Ofkommen an déi falen och net ënnert d’international Bestëmmungen.“

Dat huet elo net direkt mat der Direktiv eppes ze dinn, mä fir ze soen, a wellech Cas de figures compliqués ee ka kommen, wat fir déi betrafte Leit awer, deen Einzelnen, eng ganz Existenz ka bedeuten. Dofir wäert an der Applikatioun vun där Direktiv, an der Applikatioun vun onser Gesetzgebung nach vläicht deen een oder deen anere Problem optauchen.

Do kann ech nëmmen der Regierung, oder der nächster Regierung, déi dat Gesetz dann hei ze applizéiere kritt, e Wonsch mat op de Wee ginn, wann ech dat däreif, an der Applikatioun wierklech soupel ze sinn, well et geet hei ëm déi eenzel Leit, déi jo Qualifikatiounen awer hunn. A wann do Cas de figures sech ginn, déi schwierig ze léise sinn, dass een dat awer en faveur vun deem Diploméierte soll maachen.

No deene Remarquen, Här President, wëll ech dann den Accord vun der Fraktioun vun der DP bréngen an zum Ofschloss nach eng Kéier dem Här Sunnen alles Guddes wënschen.

Merci villmools.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Brasseur. Dann huet den Här Braz d’Wuert.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. De Kolleg Claude Adam ass de Mëtteg leider verhënnert. En huet mech awer gebieden, a sengem Numm d’Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu deem Projet ze bréngen. En huet mech

och gebieden, och e puer Wuert un den Här Sunnen ze riichten, fir Merci ze soen.

Ech mengen, d’Madame Brasseur huet dat op eng ganz flott a sympathesch Aart a Weis gemaach. Ech wollt just dofir am Här Adam sengem Numm an am Numm vun der grénger Fraktioun eis deene Wënsch do uschleissen. An och perséinlech wäert ech dem Här Sunnen säin Humor vermessen. Mä vläicht gesäit ee sech jo nach dobaussen a kann een nach déi eng oder aner Kéier vläicht mateneen e bësse laachen.

» **M. le Président.** - Den Här Sunnen freet d’Wuert.

(Négation)

Merci, Här Sunnen.

(Hilarité)

Dann huet d’Regierung d’Wuert.

» **M. François Biltgen, Ministre de la Culture, de l’Enseignement supérieur et de la Recherche.** - Merci, Här President. Ech wollt der Chamber Merci soen, dass mer de Mëtteg zwee wichteg Projekte gestëmmt kréien, déi net nëmme wichteg si fir d’Héichschoul, well deen zweete Projet vum Här Sunnen geet iwwer Héichschoulproblematik eraus.

Déi zwee Projekte sinn extrem wichteg. Deen een, deen den Här Oberweis, deem ech och wëll Merci soen, virgestallt huet, well mer elo e Kader kréie fir alles, wat zu Lëtzebuerg Héichschoul ass. Elo hu mer d’Héichschoullandschaft definitiv gesetzlech verankert.

Deen zweete Projet ass vill méi e komplizéierten, deen den Här Sunnen hei virgestallt huet, well et do eigentlech ëm de Corollaire zur sougenannter Bolkestein-Direktiv geet. Et geet drëm, fir Libre prestation de services an Europa ze maachen a fir ze kucken, wann ee sech hei etabléiert oder heihinner eppes ubidde kënnt, wat déi Qualifikatiounen sinn, déi ee muss hunn.

Déi zwee Projekten hunn eng Bedeitung, déi vill méi wäit erausgeet. Ech wëll an deem Sënn och der Madame Brasseur Merci soe fir déi Iwwerleeungen, déi se hei gemaach huet zu deenen zwee Projekten. Well d’Madame Brasseur ass op d’Problemer vu Gehälter beim Stat komm. Wa mer de Bologna-Prozess beim Stat wëllen uwenden, da geet et net eleng duer, fir ze soen: „Wou klasséiere mer de Bachelor oder de BTS?“ Da musse mer iwwert déi ganz Philosophie „lifelong learning“ schwätzen. Da musse mer och iwwer en Dokter schwätzen. An da kann een net méi einfach soen: „Mir hunn en Diplom, an da bass de an där Carrière, an da bleifs de éiweg an där Carrière.“

Bologna ëmsetze beim Stat ass eng ganz grouss Aufgab, an et ass net esou einfach. An et geet net eleng duer, fir Carriären nei iergendwéi anzestufen, well, an da si mer op deem zweete Projet hei, mer net méi an där Welt liewen, wou den Diplom gläichzäiteg den Accès zu der Professsioun war. Dat ass an Zukunft getrennt. Mir liewen einfach an enger anerer Gesellschaft.

Eng Fro, déi d’Madame Brasseur opgeworf hat, déi mat dem Premièresdiplom, dat ass nach net definitiv fäerdeg, well den Avis vum Statsrot nach feelt. Mä mir hunn am Kader vun deem Projet och Reglementer op den Instanzewee ginn, mat dem Schoulministère, mat der Fonction publique a mat dem Héichschoulministère, fir eng ganz Partie Saachen ze harmoniséieren. Mir sinn effektiv der Meenung, dass, wann een en Dokteschdiplom huet a wann ee par ailleurs alles erfüllt, fir Dokter kënnen zu Lëtzebuerg ze sinn, een dann net soll soen: „Mä du hues keng Première, déi där Lëtzebuerger gläichgestallt ass.“ An där Welt kënnen mer net méi liewen. Dat wäerte mer och dann esou maachen.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn eigentlech soss näischt derbäizefügen, well souwuel de Marcel Oberweis virdrun an de Fred Sunnen elo et esou detailléiert gemaach hunn, dass näischt méi derbäizefügen ass. An Dir hutt nach vill Aarbecht den Owend.

Ech wëll och just nach eng Kéier jiddwerengem Merci soen, dee geschwat huet, dem Marcel Oberweis vu virdrun a virun allem natierlech dem Fred Sunnen. Net nëmmen, an ech schlësse mech do der Madame Brasseur un, wéinst dem Rapport vun elo, mä wéinst där ganzer Aarbecht, déi de Fred Sunnen während fënnef Joer als President vun där zoustänneger Kommissioun mat eis gemaach huet. Eise ganze Programm vun der Regierung, wat Héichschoul a wat Fuerschung ubelaangt, hu mer duerch. Mir hunn all déi Projekte gestëmmt, déi mer wollten hunn.

Dat war net ëmmer einfach. Besonnesch déi lescht Wochen hu mer missen alleguer, och d’Membere vun der Kommissioun, sech alleguer e bëssen drécken an esou weider. Och dat ass awer ganz flott, muss ech soen, als Minister, wann ee kann zrëckkucken an et seet een: „Alles, wat mer eraginn hu vu Projekten, dat hu mer och vun der Chamber gestëmmt kritt.“ Dat deet engem gutt, perséinlech. Et ass eng gutt Saach fir d’Land.

Dofir och dem Fred Sunnen Merci fir alles, wat en, net nëmmen, mä virun allem an de leschte fënnef Joer hei an där Chamber gelescht huet. Mir wäerten en doudsécher nach op der Uni zu Esch erëmbegéinen a senger definitiver politescher Penssioun.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Domat wier d’Diskussioun vun deem Projet de loi ofgeschloss. Mir kéimen dann zu deem nächste Projet de loi, de Projet de loi 5884 iwwert den Institut national des langues. Do ass d’Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. De Rapporteur ass schonn op der Tribün. Ech géif deem dann elo direkt d’Wuert ginn.

## 12. 5884 - Projet de loi portant création

a) d’un Institut national des langues

b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise et portant modification a) de la loi du 19 juillet 1991 portant création d’un Service de la formation des adultes et donnant un statut légal au Centre de langues Luxembourg; b) de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l’État; c) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l’État

Rapport de la Commission de l’Éducation nationale et de la Formation professionnelle



Chambre  
des Députés

L U X E M B O U R G

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un



» **M. Jos Scheuer** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Madame Presidentin. De Centre de langues gëtt also elo den Institut des langues.

Fir d'éischt e puer Zuelen, déi dokumen-téiere sollen, wéi de Centre de langues evaluéiert huet am Laf vun der Zäit. En ass 1991 gesetzlech gegrennt ginn. En huet säi Statut légal kritt. 1990 hate mer 700 Leit, déi a Coursë gaange sinn, déi sech age-schriwwen haten; 2007 waren et der 8.096. Et waren 120 Nationalitéiten, an de Betrib ass gelaaf vun 8 Auer moies bis 9 Auer owes. Dat Schouljoer 2008/2009 sinn am éischte Semester 3.993 Studenten ageschriwwen. Dat heescht, och dëst Joer wäert déisel-wecht Zuel wéi 2007 erreecht ginn. An de Lëtzebuergesch-Coursë sinn der 673 age-schriwwen an d'Examen. A vläicht eng Kéier sollt bemierkt ginn, datt den Taux de réus-site an deenen Examen net 100% ass, mä sech ëm 70% apendelt vun deenen, déi sech dem Exame gestallt hunn.

Zesummegefaasst: D'Geschicht vum Centre de langues ass eng Geschicht vum Erfolg. Hei soll een dann och onbedéngt Komplimenter maachen un d'Direktioun, déi am Laf vun der Zäit aus där Schoul dat gemaach huet, wat se fir de Moment ass. Komplimenter un d'Enseignanten, Kompli-menter un d'Direktioun, déi och organisa-toresch déi do Evolutioun méiglech ge-maach huet, trotz alle Schwieeregkeeten, déi bestanen hunn an déi nach ëmmer Bestand hunn.

Et ass eng Erfolgsgeschicht. Firwat? Éischtens, well et eng noutwendeg Insti-tutioun zu Lëtzebuerg ass. Si ass nout-wendeg opgrond vun eiser Demographie. An zweetens ass se noutwendeg, well d'Demande do war an d'Demande do ass, a mer op déi Demande konnte mat enger entsprechender Offer reagéieren.

Déi Demande muss ee gesinn um Hanner-grond vun der gesellschaftlecher Entwéck-lung zu Lëtzebuerg, awer och um Hanner-grond vun der wirtschaftlecher Entwécklung zu Lëtzebuerg. Awer mir sollten och déi Demande gesinn als Resultat vun eiser Gesetzgebung, als Resultat vun der Légis-latioun, déi am Laf vun der Zäit etabliéiert ginn ass, an opgrond vun der gesellschaft-lecher Situatioun zu Lëtzebuerg.

Vläicht sollt een trotzdem emol eng Kéier d'Gesetz opzielen, déi awer hei am Spill sinn. Erënnert lech un d'Gesetz vun der Immigratioun, d'Gesetz vun der Integratioun, d'Gesetz iwwert d'Lëtzeburger Nationalitéit an d'Gesetz och vum Congé linguistique. Alles dat huet Répercussiounen op d'De-mande no Lëtzebuergesch-Coursen an no Coursen am Sproocheberäich.

E puer Wuert zum Historique an zu den Aarbechten an der Chamber. Den Dépôt vum Gesetz ass gemaach ginn den 23. Mee 2008. Mir hunn de leschten Avis vum Conseil, vum Statsrot kritt den 21. Abrëll 2009. A mir hunn de Rapport ugeholl den 29. Abrëll 2009.

Zum Projet elo. Ech huelen net all Artikel Artikel pro Artikel ausernee. Ech stellen et net duer. Et sinn 22 Artikelen, déi opgedeelt sinn a siwe Kapiteln. Ech faasse gar d'Ak-zenter vun dësem Gesetz zesummen.

Éischtens, de Centre de langues gëtt also elo den Institut national des langues. Zweetens, deen Institut kritt dann eng administrativ Struktur, eng zolidd Struktur, fir net nëmmen ze existéieren an ze rea-géieren, mä fir sech och kënnen weider-zeentwéckelen. Déi Struktur ass dann de Missioun vum Institut ugepasst.

Wéi gesäit se aus? Traditionell: éischtens, en Direkter; zweetens, d'Directeurs adjoints, déi kënnen genannt ginn, an drëtens kënnen dann och nach Attachés à la direction genannt ginn. Elo weess ech net, Madame Minister, wéi et ass, mä an dësem Fall kann den Direkter souwuel d'Directeurs adjoints wéi och d'Attachés proposéieren. Ass dat och esou an anere Gebaier? - Mä dat nëmmen niewebäi.

Et gëtt dann e Comité consultatif geschaf. Dee Comité consultatif gëtt vum Minister genannt. Et schéngt mer wichteg ze sinn, fir ze weisen, wéi deen Institut awer och an d'Lëtzeburger Landschaft eragepasst gëtt. An deem Comité consultatif sinn als Memberen d'Vertrieder vum Conseil éco-

nomique et social, vun der Uni Lëtzebuerg, wéi iwwregens d'Uni Lëtzebuerg permanent a verschiddenen Artikelen a Kapitele mat eraspillt an de Fonctionnement oder besser an d'Evaluatioun, an d'Fortsetzung vun den Aarbechte vum Institut.

De Conseil national pour étrangers ass dran, an de Conseil permanent de la langue luxembourgeoise. An anere Wieder: Dee Comité schafft net en vase clos, mä en ass op, op d'Force vive vu Lëtzebuerg.

Wichteg ass och an dësem Kontext, datt eng Évaluation externe vun der Qualitéit vum Enseignement virgesinn ass. Dee Betrib funktionéiert also och net ouni Eva-luatioun. Dat, wat mer virgesinn hunn am Enseignement fondamental, muss par la force des choses awer dann och gëlle bis op den héchsten Niveau vum Enseignement, och fir dee fir d'Adulten.

Dat ass d'Basis also fir d'Organisatioun vum Institut.

E Wuert dann zum Personal; net zu den Enseignanten. Esou vill Leit a Funktiounen gi genannt, datt den Institut autonom funk-tionéiere kann:

Attachéen an der Carrière supérieure vun der Verwaltung; dann technesch Personal, well jo hei vill Technik gebraucht gëtt: Ingé-nieurs techniciens, Bibliothécaires-documentalistes. An der Carrière moyenne sinn déi.

An der Carrière inférieure dann dat Üblecht: Handwierker, Portieren a Garçons de salle, an dann natierlech och Fonctionnaire fir d'Verwaltungsarbecht. Dir fannt dat am Kapitel 3, Artikel 9, 10 an 11.

Déi organisatoresch Struktur ass also och de Missioun vum Institut ugepasst ginn. Deen Institut kann also och organisatoresch op genuch Personal zrëckgräifen.

Da ganz wichteg fir mech: Wat sinn d'Missioun vum deem Institut? A firwat déi trotzdem opwändeg Organisations-strukturen?

Éischtens, den INL organiséiert Sprooche-coursë fir Erwuessener. An déi Nofro ass grouss; ech hunn dat scho gesot. Dir wësst, zum Beispiil, datt d'Lëtzebuergesch-Kennt-nisser elo zur Pflicht ginn, wann ee wëllt d'Nationalitéit kréien.

Zweetens, ganz wichteg virun allem ass, datt d'Sprooch an d'Léiere vun enger Sprooch net eleng der Kenntnis vun der Sprooch déngt, mä datt en anert gesell-schaftlecht Zil hannendru steet. Een, dee Lëtzebuergesch léiert, soll och Kenntnis vun Land kréien, soll och Kenntnis vun de Leit kréien. D'Sprooch ass a bleift e Vehikel vun der Kultur, e Vehikel vun der Zivili-satioun.

Am Artikel 2 gëtt den Institut chargéiert, fir am Intérêt vun der Cohésion sociale ze schaffen. Deen Term ass fir mech e Schlüsselbegrëff. D'Missioun vum Institut ass, fir en Échange culturel ze favoriséieren. Den Institut huet also eng gesellschaftlech Missioun an deem multikulturellen a poly-glottes Lëtzebuerg. Dat ass och eng eminent politesch Missioun, déi dësen Institut huet. Dofir verweisen ech nach eng Kéier och op dee Comité consultatif.

Déi drëtt Missioun dann: Den Enseignement ass keen Enseignement à vue, e Pilotage à vue; e bësse Scoutismus, wéi mer dat ëmmer gemaach hunn am Enseignement pour adultes. Neen, en huet Programmer, en huet Methoden, an zwar funktionéieren déi no internationalen Normen, déi am Cadre européen commun de référence pour les langues festgehale sinn. Lëtzebuergesch soll och dodra figuréieren, wann et als Friemsprooch enseignéiert gëtt.

Véiertens. Eng véiert Missioun ergëtt sech logesch aus der drëter. Den Institut ass den offiziellen Zentrum, fir de Succès an Exame fir Friemsproochen ze certifiéieren. Dës Certifiéierung ass e Mëttel, en Instrument, fir op internationalen Plang eng Sécherheet oder méi Sécherheet - ech wëll et net ze vill kategoresch ausdrécken - an der Be-wäertung vu Sproochekenntnisser ze schafen, vu Kenntnisser an alle Sproochen, déi do geléiert ginn. Wichteg ass och, datt jiddweree sech déi Certifiéierung ufroe kann a sech dann och Teste stelle kann, ob en am Institut war oder net am Institut.

Fënneft Missioun dann: Den Institut baut dann zesumme mat der Uni Lëtzebuerg - hei hu mer nees d'Zesummegräife vun deenen zwee Instituter - e Référentiel op fir de Friemsproochenunterricht bei Er-wuessenen. E Référentiel, deen och da vun aneren Organisations benotzt gi kann. An anere Wieder: Hei gëtt eng Dokumen-tatioun geschaf, hei gëtt e Wësse geschaf, op dat och aner Enseignanten zrëckgräife kënnen. Dat ass eng ganz, ganz wichteg Missioun vun deem Institut.

Déi sechst Missioun gëtt normalerweis ënnerschätzt: Alphabetiséierung a Cours en littérature. Ech hunn et iwwersat mat: Coursen, fir schreiwen a liesen ze léieren. Déi Coursen adresséiere sech un Er-wuessener. Hei gëtt eng Grauzone couvriert, iwwert déi mer normalerweis net schwätzen.

Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Kader hält d'Lëtzeburger Sprooch eng wichteg Plaz an, an ech wollt trotzdem e bëssen drop agoen, just well eben ëmmer nees a besonnesch an där Wahlcampagne a Vir-wahlcampagne dat héichgespillt gëtt, a well all méiglech Gefiller domadder verbonne ginn. Ech wollt och doduerch, datt ech et maachen, weisen, datt mir an der Chamber an och déi politesch Instanzen net nëmmen elo, mä scho laang virdrun awer d'Wichtig-keet vun dem Lëtzebuergesch als Deel vun der Lëtzeburger Identitéit - soen ech - erkannt haten.

Ech hat an der Introduktioun schonn drop higewisen, wéi d'Lëtzeburger Sprooch sech affirméiert huet. Schonn 1994 sinn iwwregens am Centre de langues Tester an Examen ofgehal ginn. An den CLL war an den Institut bleift Member vun der inter-nationaler Organisatioun, déi d'Kritäre fir Sproochenunterricht, -niveauen an -examen ausschafft. Domadder ass also eng Garantie ginn, datt déi Coursen, an dësem Fall och d'Lëtzebuergesch-Coursen, an de Schoulbicher natierlech internationale Standarden entsprechen.

Den Institut huet och elo als Charge, fir déi Tester ofzehale fir déi Leit, déi d'Nationalitéit wëlle kréien.

Ee Wuert zu de Kompetenzen, déi mussen erreecht ginn, well mer do ëmmer mat Buschtawen a mat Bezeechnungen operéieren, ënnert deenen d'Leit sech nâischt oder nëmme schwéier eppes vir-stelle kënnen. Et muss een hinnen erklären hei op der Tribün: Den Niveau B1 am mënd-leche Sproochverständnis an den Niveau A2 am aktive Sproochgebrauch ginn uge-strieft. An d'Diplomer, déi ausgestellt ginn um Institut, reeche vum Niveau A2 bis zu C1.

An drëtens, nach eng Remarque am Kon-text Lëtzebuergesch: Den Institut offréiert dann didaktesch Coursen am Lëtzebu-ergesch fir Leit, déi Lëtzebuergesch wëllen enseignéieren, an déi Coursë ginn net nëmme fir Lëtzeburger opgemaach, mä och fir Leit aus der Grande Région. Mir hu jo gesot kritt, datt och do eng Demande do wär.

Den Diplom „Lëtzeburger Sprooch a Kultur“ heescht dann elo „Zertifikat Lëtze-buerger Sprooch a Kultur“. Den Institut mat der Uni bereet d'Leit op dësen Certificat vir an hält d'Examen of.

Wat gëtt geléiert? Éischtens, d'Elementer vun der Sprooch, Orthographie, Linguistik, etc., mä awer och - ech widderhuelen et - d'lëtzebuergesch Geschicht, d'lëtzebu-ergesch Kultur, d'Strukture bref vum Land. Et ass och e Cours de civilisation, deen do offréiert gëtt. A mat dësem Certificat dierf een dann enseignéieren.

De fënneften Aspekt fënnt sech jo och schonn am Titel erm. Et gëtt mat dësem Gesetz e Professorat an der Lëtzeburger Sprooch geschaf. De Professor vum Lëtze-buergesch kritt e Statut wéi seng Kol-leegen, déi am Secondaire Schoul halen. De Professor am Lëtzebuergesch muss och déiselwecht Studië maachen; Studien en littérature. Déi Professere bereeden dann op den Certificat vir, vun deem mer ge-schwat hunn.

Wéi geet et? Wéi gëtt ee Professor am Lëtzebuergesch? Virbedéngung ass e Bachelor-Diplom a Sproochen a Literatur, an duerno e Master-Diplom an der Lëtze-buerger Sprooch a Literatur, gefollegt da vun engem Stage pédagogique, esou wéi dat fir déi aner Kollegen aus dem Enseignement secondaire gëllt.

De Statsrot hat e puer interessant Remar-quen zu deem Projet gemaach. Fir d'éischt hat e gesot, datt een e Lycée sollt schafen, a keen Institut. E wollt do eng parallel Struktur schafen. D'Kommissioun war anerer Meinung. Den Institut huet vill méi eng breet gefächert Missioun an och eng Struktur wéi d'Lycéeën.

Zweetens hat e widderhuelte op d'Rolle-verdeelung vum Institut an der Uni Lëtze-buerg higewise bei der Ausbildung vun den Enseignanten. E wollt verhënnern an huet och verhënnert, datt den Institut en Héich-schoulstudium géif offréieren an Enseignanten ausbilden, déi vun der Uni sollen ausgebilt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat gesot, datt den Institut des langues eng Äntwert ass op eng Demande, déi existéiert. Eng

Demande, déi ëmmer weider zouhëlt; mat grousser Wahrscheinlechkeet zouhëlt. An et deet mer e bësse leed, datt dat äusserst wichtegt Gesetz, wat och den Ofschloss ass vun enger laanger Aarbecht an der Schoulkommissioun, op déi Aart a Weis huet missen duergestallt ginn an och wahrscheinlech an der Presentatioun no baussen esou ënnergeet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Mme le Président**.- Ech soen dem Rapporteur Merci. Éischten agedroene Riedner ass d'Madame Fabienne Gaul. Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Fabienne Gaul** (CSV).- Ma-dame Presidentin, léif Kollegeinnen a Kollegen, erlaabt mer fir d'éischt dem Här Rapporteur, dem honorabelen Här Jos Scheuer, villmools Merci ze soe fir säin aus-féierleche schrëftleche souwuel wéi mënd-leche Rapport. Ech wëll awer och vun dëser Geleeënheet profitéieren, dem Jos Scheuer Merci ze soe fir déi Kompetenz an déi roueg Hand, mat där hien dës Éducatiouns-kommissioun geleet huet, an där ech d'Chance hat, vum 10. Februar un derbäi ze sinn.

Dëse Projet de loi gouf, wéi scho gesot, den 23. Mee 2008 vun der Éducatiouns-ministesch Mady Delvaux-Stehres dépo-séiert a betrëfft den aktuelle Centre de langues, deen un de Limitë vu sengem Wierken ukomm ass. Et ass net méi méig-lech, d'Offer ze erweideren. An och e Plaz-mangel mécht et onméiglech, weider Inter-essanten unzehuelen. Et kéint een also op eng Manéier soen, dass de Centre de langues en Affer vu sengem eegene Succès ginn ass. An et geet elo drëm, d'Situatioun der aktueller Demande unzepassen.

Wann ee bedenkt, dass d'Zuel vun den Ins-criptiounen vu 700 am Joer 1996 op 8.096 fir d'Joer 2007 eropgaang ass, da versteet ee ganz gutt, dass de Centre de langues um Enn vu senge Capacitéiten ukomm ass. Déi meescht gefrote Sprooch am Centre de langues ass Franséisch, gefollegt vu Lëtze-buergesch, Englesch an Däitsch.

D'Lëtzebuergesch-Departement huet an deene leschte Joren awer eng ëmmer méi grouss Bedeitung kritt. Dës Situatioun ass eng logesch Suite vum Wandel vun eiser Gesellschaft. Ëmmer méi auslännesch Mat-bierger komme bei eis an d'Land wunnen a schaffen, a si wëllen oder mussen eis Sprooch fir hir Aarbechtsplaz léieren oder fir besser duerch den Alldag ze kommen.

D'lëtzebuergesch Sprooch ass elo zu engem wichtege Integrationsfacteur ginn. Et muss deemno Suerg gedroe ginn, dass d'lëtzebuergesch Sprooch mat deem néidege Professionalismus enseignéiert gëtt. Et sief dobäi bemierkt, dass d'Ensei-gnanten am Lëtzebuergesch net op sou-genannte Manuels de référence aus dem Ausland kënnen zrëckgräifen, mä si selwer sinn à l'origine vun deene Manue-len.

Am Kontext vun Erlaange vun der Lëtze-buerger Nationalitéit kritt den Institut na-tional des langues elo och eng weider essenziell Aufgab derbäi. An zwar ginn hei d'Examen ofgehal, déi et engem erlaben, déi lëtzebuergesch Nationalitéit ze kréien. Den Niveau, deen am Orale muss erreecht ginn, ass den Niveau B1, an am Ver-ständnes muss een den Niveau A2 erreecht hunn. An dësem Kontext gëtt och den Diplom Lëtzebuergesch als Friemsprooch geschaf.

Dëse Projet de loi schreift sech also an an eng ganz Rei vu Beméiungen, déi der lëtze-buergesch Sprooch méi Bedeitung zou-komme loossen. D'Gesetz vum Congé linguistique war an deem Domän e ganz wichtege Schrëtt, deen et den auslän-nesche Matbierger méi einfach mécht, eis Sprooch ze léieren. Et weess jiddwereen, dass et sech besser zesummeliift, wa jidd-wereen déiselwecht Sprooch schwätzt.

An do, wou et net méiglech ass, se schonn als Kand duerch d'Schoul ze integréieren, do bitt de Centre de langues dës Méiglech-keet.

Eng grouss Neierung vun dësem Projet de loi ass d'Schafe vun der Fonctioun vum Pro-fesseur de langue luxembourgeoise, natier-lech a Kollaboratioun mat der Uni Lëtze-buerg. An dësem Zesammenhang gëtt och de Certificat Lëtzeburger Sprooch a Kultur agefouert. Ech ginn net méi op déi Quali-fi-katiounen an, déi ee brauch, fir Professeur de langue luxembourgeoise ze ginn, well den Här Rapporteur dat schonn ausféier-lech duergestallt hat.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, niewent der Wichtigkeet, déi d'Lët-zebuerg Sprooch erlaangt, droen och d'Erweiderung vun der Europäescher



der Kommissioun duergeluecht ginn. D'Resultat hu mer am Text.

Mir fannen, dass dat, an engem Wuert awer résuméiert, relativ konservativ geregelt ginn ass. Mä soit. Mir kucken, wéi dat sech entwéckelt. Et ass eng Neierung. Kommt, mir ginn der Saach och eng Chance, an dann zéie mer Bilan do dervun, grad wéi mer och sollen an eisen Aen e Bilan zéien a relativ noer Zukunft vun deenen Examen an Tester, déi elo d'Kandidate mussen ofleeën am Kader vun der Abiergerungsprozedur.

Mir hate jo do als gréng Fraktioun relativ staark Retizenzen, wat de verlangten Niveau betrëfft, well mer fäerten, dass dat wäert riskéieren, d'Nationalitéitegesetz an der Substanz ze ënnerrhiechen, dass also wéineg Leit et wäerten dee Moment packen. Och do solle mer dat also am A behalen an e Bilan dovunner zéien an eventuell le cas échéant dee Constat redresséieren.

Dat gesot, bréngen ech, wéi gesot, d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

**» Mme le Président.**- Merci, Här Braz. Domat hätt d'Regierung d'Wuert. Madame Minister, wann ech gelift.

**» Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.**- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Härën, och ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir de Rapport. Et ass dee leschten, deen e mécht a senger Qualitéit als President vun der Kommissioun vun der Éducation nationale. Ech wollt him och Merci soe fir déi fënnef Joer Zesummenaarbecht, wou mer gutt geschafft hunn a méi wéi 20 Projeten duerch d'Kommissioun an d'Plénière bruecht hunn. Ech mengen, dass dat e Resultat ass, wat sech ka weisen.

Merci, Här Rapporteur, a bonne Chance fir Är weider Aktivitéiten.

*(Interruptions et hilarité)*

Dat Gesetz, wat elo der Chamber virläit, huet, wéi de Rapporteur gesot huet, siwe Kapitelen, mä eigentlech sinn et zwee verschidden Themen. Dat eent ass den Institut national des langues, an dat anert ass de Professeur de luxembourgeois. Den Institut national des langues gëtt de Successeur vum Centre de langues, an den Akzent läit natierlech op Institut des langues. Den Institut des langues, fannen ech, ass eng formidabel Institutioun, esou wéi de Centre de langues et war, well do vill Sproochen a Leit mat alle Sproochen zesumme Coursen hunn.

D'Missioun vum deem neien Institut gi vergréissert. Si bleiwen eng Plaz, wou Sproochen enseignéiert ginn, wou dann also och en Échange zwësche Sproochen a Kulture soll stattfannen. Si sollen, an dat ass nei, didaktesch Ressourcen entwéckele fir den Enseignement vu Sprooche fir Adulten. Eppes, wat ëmmer méi noutwendeg gëtt. An dann hu se natierlech ëmmer d'Missioun vun der Alphabetisatioun, wou mer eigentlech gehofft haten eng kéier, déi Missioun bräicht ee fir Adulten net méi ze erfüllen, a wou mer awer gesinn, dass et och haut ëmmer noutwendeg ass, Coursë vun Alphabetisatioun unzebidden.

Dann ass de Centre, den neien Institut national des langues, e Centre de certification fir Sproochen an och fir d'Lëtzebuergesch. Dat sinn eigentlech Missiounen, déi de Centre de langues elo schonn hat, déi mer awer elo vill méi institutionaliséieren.

Ech mengen, do ass et dann derwäert, e Wuert iwwert d'Plaz vum Lëtzebuergeschen am Institut national des langues ze soen. All déi Diplomer, déi de Centre de langues an deene Joren elo verginn huet, ginn eigentlech elo nei kalibriéiert, wann ech dat däerf esou soen. Dat heescht, si ginn esou organiséiert, wéi aner Sproochen hir Tester organiséieren. Alleguerte baséiere se op dem Cadre commun européen de référence vun de Sproochen.

Ech géif soen, dass d'Lëtzebuergesch doduerjer, dass déi Tester elo eigentlech europäesch unerkannte Standards erreechen, dass et eng Maturitéit vun der Sprooch ass, déi mer domadder dokumentéieren. Ech denken, dass dat e qualitative

An deem Sënn ass dann och en INL hei e ganz wichtege Piler. Ech wëll och duerfir hei den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet erabrénge.

Ech soen Iech Merci.

**» Une voix.**- Très bien!

**» Mme le Président.**- Merci, Här Berger. Den nächste Riedner ass den Här Félix Braz.

**» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Merci, Madame Presidentin. Ech wëll am Numm vun verhënnerte Kolleeg Claude Adam d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet bréngen, net awer ouni virdrun och a sengem Numm dem Här Scheuer Merci gesot ze hu fir seng Aarbecht als President vun der zoustänneger Kommissioun. Ech wënschen him dann och alles Guddes a sengen nächste politeschen Auseanersetzungen an Ambitiounen.

De Centre de langues, wéi en de Moment nach heescht, soll jo ëmgewandelt ginn an den Institut national des langues. Sënn an Zweck dovunner ass am Fong, besser outilléiert ze sinn, fir an Zukunft als seng éischt Missioun d'Lëtzebuurger Sprooch méi Leit kënnë bäizebrénge.

Fir dass dat méiglech gëtt, kritt den Institut national des langues eng renforcéiert Autonomie, fir dass e sech ka méi onofhängeg, méi séier, méi flexibel entwéckelen, an och gläichzäiteg besser ka reagéieren op Changeementer an eiser Demographie, fir seng Coursë méi rapid a méi zilorientéiert kënnen unzepassen.

Dëst Gesetz erlaabt, dat, wat mer als Acquis hu vum Centre de langues, kënnen ze konsolidéieren a gläichzäiteg och am Kader vun enger Professionaliséierung kënnen ze entwéckelen. D'Haaptmissioun vum Institut national des langues bleiwen als Alleréischt d'Fäegkeet, fir erwuessene Leit Lëtzebuergesch-Coursë kënnen ze dispenséieren. Et gëtt och den offiziellen Zenter, fir Zertifikatiounen ze maache fir Tester an international Examen an auslänneschen a frieme Sproochen. Et soll awer och e Centre de ressources sinn, fir am didaktesche Beräich vum Sproochenenseignement kënnen ze déngen, an e soll och Alphabetiséierungscoursë kënnen ubidden. Dat si seng véier Haaptmissiounen.

Dat Ganzt fënnt statt op engem Hannergrond hei zu Lëtzebuerg, wou jo an der öffentlecher Auseanersetzung d'Lëtzebuurger Sprooch méi eng grouss Bedeitung kritt huet an de leschte Joren. Mat Momenter kritt een d'Gefill, dass eenzel Protagoniste wëllen eng Duerstellung maachen, wéi wann déi Lëtzebuurger Sprooch de Moment um Réckzuch wier, wéi wa se fragiliséiert wier.

Dobäi ass jo awer näischt anescht de Fall wéi de Contraire do dervun. Der Lëtzebuurger Sprooch geet et eigentlech immens gutt. A glécklecherweis gëtt et Leit wéi de Fernand Fehlen, déi sech an de leschte Wochen a Méint och öffentlech méi mat deem Thema beschäftegt hunn, fir verschidden Impressionen, déi ee konnt kréien och duerch international Etüden, ze redresséieren, fir kloerzemaachen, dass d'Lëtzebuurger Sprooch am Fong nach ni esou lieweg war wéi grad elo, dass nach ni esou vill Leit en chiffres absolus Lëtzebuergesch geschwat hu wéi grad elo, an dass Lëtzebuergesch besonnesch am geschriwwene Beräich net nëmme fir SMSen, mä am geschriwwene Beräich och an de Publikatiounen fir Artikelen, fir Bicher, fir Publizitéit gebraucht ginn ass oder gebraucht gëtt wéi grad an dësem Moment.

Der Lëtzebuurger Sprooch geet et also ganz gutt. Et ass eng lieweg Sprooch, et ass eng dynamesch Sprooch, déi en chiffres absolut no weltwäite Standarde gekuckt natierlech vu wéineg Leit geschwat gëtt, mä d'Zuel geet erop, an d'Benotzung vun der Sprooch ass méi grouss wéi fréier.

Duerfir soll een och déi Ëmwandlungen, déi de Centre de langues elo matmécht, net gesinn als en Opriichte vu Waffen, fir e Rempart hierzestellen, fir eppes ze verteidegen, wat bedrot wier. Et ass just de Contraire. Et ass en Instrument, wat soll flexibiliséiert ginn, fir kënnen déi positiv Entwécklung, an där d'Sprooch sech befënnt, fir kënnen déi positiv Entwécklung, an där d'Land sech och befënnt, ze begleeten a Schratt ze hale mat där méi grousser Demande. Et ass en dynamesche Prozess, e positive Prozess, an duerfir soll een dat och esou an eisen Ae gesinn, an duerfir ënnerstëtze mer och dëst Gesetz.

Mir haten nach eenzel Kritiken um Zougank zum Statut vum Professer vun der Lëtzebuurger Sprooch. Déi Kritike wëlle mer net nach eng kéier elo opwiermen, déi sinn an

während 25 Joer vergiessen ze loosse. Dozou gehéiert Talent.

**» M. Eugène Berger (DP).**- Madame Presidentin, an de leschte Joren ass eng Institioun, déi 1991 ganz kleng ugefaangen huet, gewuess a gewuess a passt haut net méi an hir Kannerschong. Rieds geet hei vum Centre de langues. D'Zuelen an d'Statistiken ënnersträichen de Succès vun deem Centre. Ech ginn elo net méi op all déi Zuelen an. Et ass hei schonn zu spéider Stonn, mir hunn nach alleguerte Verpflichtungen. Ech mengen, och do hat de Rapporteur en détail dat hei explizéiert.

De Centre de langues war jo am Ufank en Unhängsel vun der Erwuessenenausbildung an huet also dann am Laf vun de Joren duerch säi Succès och en Eegeleiwien entwéckelt, an eng Reform huet sech jo dann och regelrecht opgedrängt.

Fir déi verschidden Angeboter a Coursen an dat Personal, dat ëmmer méi zahlreich ginn ass, kënnen ze géréieren a besser ze organiséieren, war et kloer, datt de Centre méi Autonomie gebraucht huet an datt en dann och elo en eegestännege Statut kritt. Domadder kann een dann och d'Base leeën, fir datt den Institut sech an Zukunft och nach ka weider développéieren.

D'Missioun an d'Aufgabe vum Institut si villfälteg. Och hei hu meng Virriedner scho ganz vill dat explizéiert. Ech wäert also och net méi dorop agoen.

Ech mengen, eng vun den Haaptaufgaben ass och schonn ënnerstrach ginn. Ech wëilt et awer och nach eng kéier maachen. Eng vun deene grousse Missiounen vum Institut ass op alle Fall déi, datt et soll e Referenzinstitut gi fir d'Lëtzebuurger Sprooch. Dat heescht, si hunn also Lëtzebuergesch-Coursen, déi se ubidden. Si halen och d'Examen of fir Tester fir d'lëtzebuergesch Sprooch fir déi Leit, déi dann d'lëtzebuergesch Nationalitéit wëllen ufroen, an, wat jo och eng wichteg Missioun dann ass, ass, datt se all de sëllege Leit oder de ville Leit, déi an de Gemengen oder op anere Plaze Coursen halen, och dann deen Diplom offréieren, ubidden, fir déi Formatioun kënnen ze maachen: den Diplom Lëtzebuurger Sprooch a Kultur.

Als Lescht: Och hei am Projet de loi nach eng kéier kuerz pour mémoire ass eben dat neit Element, datt mer elo och dann hei zu Lëtzebuerg e Professer fir Lëtzebuergesch kréien. Do ass jo och schonn erkläert ginn, datt déi Formatioun awer dann och muss Bachelor plus Master absolvéieren.

Iwwert déi technesch - fir et emol eng kéier esou ze soen - Considéraioun eraus wëilt ech awer och eng méi allgemeng Remarque ebe maachen, an zwar besonnesch déi, datt mat der Kreatioun vum INL e weidere wichtege Bausteen geluecht ginn ass am Kontext vun den Effortë fir eis national Sprooch an eben dann och fir d'Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger hei zu Lëtzebuerg.

A villen Diskussiounen, a ville Froen, och an enger Rei Gesetzer geet jo Rieds, ass d'Fro vun der Nationalitéit, ob dat elo d'Gesetz vun der Nationalitéit ass, wou och d'lëtzebuergesch Sprooch e wichteg Element ass, ob dat d'Froen, d'Diskussiounen si bei der Sprooch an der Schoul, am Précoco, ob dat d'Froe si bei der Formatioun, an de Betriber, Congé linguistique an esou weider, ëmmer gëtt ganz zu Recht op d'Wichtegkeet vun der Lëtzebuurger Sprooch higewisen, déi soll verbannen, integréieren an net dividéieren an ausschléissen.

Dat verpflichtet eis also och op där anerer Säit, fir all Efforten ze maachen, fir deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wëlle liwen, schaffen a sech och iwwert d'Sprooch integréieren, déi beschtméiglech Offeren unzebidden, eis Sprooch eben da kënnen ze léieren.

Et muss een och soen, datt mer hei net bei null ufänken. Ech mengen, och de Rapporteur huet dat scho gesot, well jo dann heiansdo och Leit am Virwahlkampf dat Thema wëllen ausschluuchten, mä effektiv sinn an der Vergaangenheet hei schonn och zu Lëtzebuerg vill Effortë gemaach ginn an deem Beräich. Och déi lescht Zuelen aus der Etüd Baleine vum Fernand Fehlen weisen dat jo, datt Lëtzebuergesch awer ëmmer méi Succès huet, och bei den auslännesche Matbierger, datt et och méi geschriwwe gëtt, och bei eise Kanner, sief datt dat nach zum Deel SMS oder E-Mail sinn, mä awer d'Lëtzebuurger Sprooch gëtt och méi geschriwwen.

Och opgrond vun där Etüd, wou ech elo net d'Detailer wäert hei explizéieren, geet ervir, datt eben déi auslännesch Matbierger och ëmmer méi interesséiert sinn an och ëmmer méi d'Lëtzebuergesch gebrauchen. Mä dat ass eng positiv Tendenz, déi muss weider gefördert ginn.

Unioun an déi domadder verbonnen aner Nationalitéiten, déi an eist Land kommen, dozou bäi, dass ëmmer méi Leit u Sproochecoursen interesséiert sinn, wat jo och der Lissabon-Strategie entsprécht. Esou wäerten an Zukunft och ëmmer nees nei Sproochen derbäikommen.

All dës nei Erausfuerderunge maachen dëse Projet de loi N°5884 héich noutwendeg. Hie gëtt dem Centre de langues, dee vun elo un Institut national des langues heescht, déi néideg Autonomie, déi et méiglech mécht, méi flexibel a méi rational ze schaffen. D'Direktioun gëtt der Gréisst an der Wichtegkeet vum Institut ugepasst. Och d'Personal muss dréngend opgestockt ginn. Sou kann endlech dee laang ersehntene Bibliothekär agestatt ginn, souwéi och Informatiker an Techniciens en informatique, déi dréngend gebraucht ginn.

Am Moment bréngen nämlech schonn een oder zwee méi laang Congés de maladie alles op d'Kopp, an et gëtt schwiereg, den alldeegleche Fonctionnement ze assuréieren. Eng Opstockung vu Personal ass also net vu Muttwëll, mä au contraire batter néideg. Op déi Manéier ass och vläicht eng kéier dorun ze denken, nach aner Antennen hei am Land niewent Miersch opzebauen.

Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng aner Eenzegeartegkeet vum Centre de langues ass och d'Heterogenitéit vun den Apprenanten. Do begéint den Affekot dem Metzler an den Direkter der Caissière, an dat vun deene verschiddensten Nationalitéiten a Milieuen. Esou côtoyéiere sech am Centre de langues regelméisseg 127 verschidden Nationalitéiten an an der Annex zu Miersch sinn et der 51. Et schlësse sech hei also och wäertvoll gesellschaftlech Kontakter, wat wäit iwwert d'Léiere vun enger Sprooch erausgeet.

Den Institut national des langues gëtt awer och den offizielle Centre de certification, wat d'Sproochentester an d'Examen ubelaangt. Dofir mussen d'Examen den internationale Kritären ugepasst ginn, fir dass de Sproochenniveau, deen erreecht gëtt, op internationaler Ebene deeselwechte Wäert huet. Et kann awer net alles aus dem Ausland iwwerholl ginn, mä ganz villes muss op Lëtzebuerg a seng speziell Situatioun ugepasst ginn. An dës Upassunge verlaangen nach vill Aarbecht.

De virleiende Projet de loi N°5884 mécht also net nëmmen aus dem Centre de langues den Institut national des langues, mä gëtt virun allem der lëtzebuergescher Sprooch e ganz neie Stellwäert.

Sou stoung an engem Artikel am „Jeudi“ den 19. Mäerz 2009, dass et sech bei dësem Projet de loi ëm e wichtegt Changeement handelt, an zwar, ech zitéieren: «Un changement qui revêt une importance de premier ordre, puisque l'INL devient incontournable en matière de langue luxembourgeoise.» Et handelt sech also hei ëm e sënnvolle Projet, deen endlech dem INL d'Méiglechkeet gëtt, seng Offer der aktueller Demande unzepassen.

Et bleift mir elo näischt anescht méi, wéi Iech Merci ze soe fir d'Nolauschteren, an ech bréngen dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet mat.

Merci.

**» Plusieurs voix.**- Très bien!

**» Mme le Président.**- Ech soen der Madame Gaul Merci. Den nächsten geschriwwene Riedner ass den Här Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

**» M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëilt och dem Jos Scheuer als Rapporteur Merci soe fir säi Bericht. Ech wëilt him och speziell Merci soe fir säi leschte Bericht als Member vun der Éducatiouskommissioun. Ech muss och soen, hien ass scho 25 Joer, wann ech dat richtig gerechent hunn, hei an der Chamber dobäi gewiescht. E war och e bëssen de groussen Oubli vun der Ried zu der Lag vun der Natioun vum Premier, an ech wëilt duerfir hei nach eng kéier vun dëser Plaz aus och als Member vun där Kommissioun an dem annerhallwe leschte Joer him mäi Merci ausschwätze fir déi Aarbecht, déi en do gemaach huet.

Mir waren eis do schonn net ëmmer eens an alle Froen, mä en huet awer eng ganz gutt an intensiv Aarbecht gemaach, an dat verdéngt och wierklech Unerkennung.

Ech wënschen him och dann all Erfolleg a senger nächster Statioun, déi jo hoffentlech dann zu Stroosbuerg wäert sinn.

**» M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.**- Här Berger, vläicht hunn ech Talent, fir mech



Sprong ass an der Entwécklung vun der Geschicht vun der Lëtzebuurger Sprooch.

Derniewent stellt den Institut national des langues een Zertifikat aus, deen heescht Zertifikat Lëtzebuurger Sprooch a Kultur. Dat ass also net Lëtzebuergesch als Friem-sprooch wéi déi aner Tester, mä dat ass wierklech fir Leit, déi wëlle Lëtzebuergesch enseignéieren. Net also Leit, déi an enger akademescher Carrière sinn, mä mir wëssen, dass eng immens Demande ass vu Gemengen, vun A.s.b.l.en zu Lëtzebuerg an iwwert d'Grenzen eraus, fir Lëtzebuergesch-Coursen ze offréieren. Mir hätten natierlech gär, dass mer do och eng Qualitéit kënnen ubidden. Duerfir soll den Institut national des langues zesumme mat der Uni Lëtzebuerg Coursen offréiere fir Leit, déi elo net e Master maachen am Lëtzebuergesch, mä déi gären e Label de qualité hätte vun hirer Qualifikatioun, dass déi an A.s.b.l.en, a Gemengen an iwwert d'Grenzen eraus kënnen Lëtzebuergesch-Coursen offréieren.

Dann ass profitéiert ginn, fir an dëst Gesetz eppes dranzesetzen, wat eigentlech näischt mam Institut national des langues ze dinn huet, an dat ass d'Kreatioun vun engem Professer vum Lëtzebuergesch. Mir hu Professeurs de langues Däitsch, Franséisch, Englesch, Italienesch an esou weider, mir haten ni e Professer fir d'Lëtzebuergesch. Dee gétt duerch dëst Gesetz geschaf. Et ass also logesch, dass en op deemselwechte Schema opgebaut ass wéi déi aner Professeren. Et ass een, deen also iwwert de Concours rekrutéiert gétt an an eng Carrière E7 kënnt.

Ech wëll just soen, dass et awer en Novum, eng Innovatioun ass an net konservativ par rapport zu deenen anere Professeren, déi rekrutéiert ginn, well dat hei ass deen éischten, deen dann no Bologna-Designatioun rekrutéiert gétt, well an eisen aktuellen Texter hu mer nach ëmmer stoen, dass een, fir Professer ze ginn an der Carrière E7, e Cycle complet vu véier Joer Studië muss hunn. Do ass zwar e Projet déposiert, fir dass dat soll no Bologna ëmgeännert ginn. Vu dass de Professeur de luxembourgais elo nei geschaf gétt, gétt dat direkt een neie Professer mat Master.

Dat sinn also déi zwee Volete vun deem wichtege Gesetz, wat effektiv fir de Centre de langues eng wichteg Etapp ass a senger Geschicht. Ech denken dat ass de Bewäis vum Succès vun all deene Leit, déi an all deene Joren do geschafft hunn, dass mer elo e Quantesprong maachen an em en neien Numm, méi eng grouss Autonomie an eng nei Struktur ginn. Duerfir wollt ech der jëtzege Responsabel, mä och all deenen, déi virdu waren an dat opgebaut hunn, villmools Merci soen an hinnen awer och wënschen, dass se déi héich Erwaardungen, déi a si gestallt ginn, dann och kënnen erfüllen.

Ech wollt nach ee Wuert soen, well esou vill iwwert d'Examen am Lëtzebuergesche geschwat ginn ass, déi elo gemaach ginn am Kader vum Nationalitéitgesetz. Bis elo waren dräi Séancë vun deenen Examen. An all Séance waren ongeféier 100 Leit, déi sech ageschriwwen hunn. Muer ass déi véiert Séance. An am Juli sinn direkt véier Deeg Examen, well eng ganz grouss Demande ass fir Leit, déi déi Exame wëlle maachen, fir d'Duebel- oder d'Nationalitéit ze kréien. Dat ass also och e Bewäis, dass de jëtzege Centre de langues an den zukünftigen Institut national des langues vill Aarbecht huet an e groussen Zoufloss.

Duerfir soen ech lech alleguerter Merci fir d'Unanimitéit, dass dat Gesetz hei, vläicht net haut, awer dann d'nächst Woch ka gestëmmt ginn.

Villmools Merci.

» Plusieure voix. - Très bien!

» Mme le Président. - Merci, Madame Delvaux. Domat ass d'Diskussioun vun dësem Projet de loi iwwert d'Schafung vun engem Institut des langues ofgeschloss, a mir kommen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Do geet et ëm de Projet de loi 5895 iwwert d'Transpositioun vun enger Direktiv 2004/48 iwwert de Respekt vun den Droits de propriété intellectuelle. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jos Scheuer. Et sinn age-

droen als Riedner: den Här Spautz an den Här Kox. Ech weess net, wie sech soss nach wëllt androen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

**13. 5895 - Projet de loi portant transposition de la directive 2004/48 CE du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 relative au respect des droits de propriété intellectuelle et portant désignation des tribunaux des dessins ou modèles communautaires, et ayant pour objet de modifier:**

**- la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et bases de données**

**- la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention**

**Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports**

» M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur. - Merci, Madame Presidentin. Et sinn nach e puer Leit hei, an ech hoffen, dass zum Schluss vum Rapport der net manner hei sinn. Dir Dammen an Dir Hären, et ginn esou Saachen, déi verfollegen een, ech wëll net grad vu Cauchemar schwätzen, mä et ass trotzdeem bal e Cauchemar. Am Joer 1992 hunn de jëtzege Wirtschaftsminister an ech e Gesetz gemaach, wat mer haut ëmänneren.

Déi Aarbecht, déi mer bis elo gemaach hunn, war autrement méi agréabel wéi déi, déi am Joer 1992 gemaach ginn ass. An ech soen dem Wirtschaftsminister duerfir Merci an ech soen dem Här Kaufhold och Merci fir déi Aarbecht, déi hien an dësem Kontext geleescht huet. Mir haten deemools en „Monsieur brevet“, et kann een net soen, „Monsieur licence“ an deem Fall, mä ech mengen, duerch dat hei Gesetz hätt hie sech deen Titel verdéngt. Merci och dem Chambersgreffe, dee vill heizou bäigedroen huet.

Firwat ass dat, firwat déi Mercien, a firwat dat Virspill? Wann ee sech mat Breveten ofgëtt, mat Lizenzen, wann ee sech ofgëtt mam Schutz vun intellektuelle Gidder, dann ass dat ëmmer eng immens dréche Matière, et ass eng ganz spezialiséiert, technesch Matière. Et läit an der Natur vun der Saach, dass an deem Beräich näischt einfach ass, et ass alles komplex.

Wat gétt mam Projet 5895 bezweckt? Majo, mir setzen d'Direktiv 2004/48 ëm, déi zënter dem 29. Abrëll 2004 a Kraaft ass. D'Émsen setzen hätt misse bis zum Februar 2006 geschéien. Mir hunn awer - ech wëll dat elo ewell soen, ech kommen nach drop zrëck - den Avis vum Statsrot den 28. Abrëll 2009 kritt. D'Haaptobjektiv vun dëser Gesetzgebung besteet doranner, fir an den eenzelnen EU-Länner d'Législatioun ze harmoniséieren, fir se méi no beieneen ze féieren. D'Harmoniséierung also vun der Législatioun, déi sech op d'Propriété intellectuelle beziit.

De Schutz vun der Propriété intellectuelle ass ouni Zweifel en Element och vum Succès vun der europäescher Zesummenaarbecht. D'Propriété intellectuelle ass en Instrument, fir d'Kreativitéit an d'Innovatioun

um europäesche Plang wierklech ze fördern. Et ass en absolut noutwendeg Instrument, fir d'Propriété intellectuelle ze schützen, dofir. Ech kann elo net am Detail op dee schrëftleche Rapport agoen an ech wëll en och net hei widderhuelen, mä ech maachen e puer punktuell Remarques dozou.

Fir d'éischt nach eng Kéier eng Remarque zur Émsetzung vun där Direktiv. Dat, well ee soe kann, a well dat ëmmer neess widderholl gétt, et wier d'Schold vun de Lëtzebuurger, wann eng Direktiv net esou séier ëmgesat ginn ass, wéi dat hätt misse sinn. Effektiv ass den Délai ofgelaf. Lëtzebuerg ass veruerteelt ginn den 21. Februar 2008. Ech hat lech gesot, wéini de Statsrot säin Avis ofginn huet. D'Mise en demeure leeft nach bis den 23. Mee 2009. Also huet dat hei Gesetz ënner engem enormen Zäitdruck missen op den Instanzewee bruecht ginn an och duerch d'Chamber kommen.

Mir schaffen, zweetens, net nëmmen ënnert dem Drock, dem Zäitdruck, dee mer duerch eis Prozeduren hunn, mä mir schaffen an dësem Domän och a Koordination mat de Belsch a mat de Franzosen, déi allerdéngs scho méi fréi ëmgesat hunn. Dës Zesummenaarbecht féiert mech zu enger zweeter Remarque, déi ech maache wëll an déi och an der Kommissioun diskutéiert ginn ass. D'Kommissioun huet nämlech festgestallt, dass d'Terminologie an de Gesetzestexten an dësem Domän net uniform ass, ergo och net eendeiteg ass.

Zweetens ass bemierkt ginn, dass d'Kompetenze vun de Gerichter am Kontext vum Schutz vun der Propriété intellectuelle och net kloer definéiert sinn. Dowéinst huet d'Kommissioun net decidéiert, mä do huet d'Kommissioun gefrot, dass d'Regierung den Droit de la propriété intellectuelle codifizéiere soll, fir méiglech Widderspréch ze eliminéieren an, ech zitieren: «de rendre le droit de la propriété intellectuelle à nouveau lisible pour le commun des mortels».

Mech stéiert just nëmmen eent doran: „lisible“ jo, mä „le commun des mortels“, zu deenen zielen ech mech och, awer ech mengen, ech wier iwwerfuerdert. Ech kënnt mer awer virstellen, dass net jiddwereen heibannen déi Meenung deelt. Et ass op jidde Fall a mengen Aen eng gewoten Opfuerderung. Mäi Gott, da musse mer kucken, wéi lisibel dat gétt, wa mer codifizéieren.

Dat heite Gesetz modifizéiert elo zwee Gesetz, déi zu Lëtzebuerg existéieren. Fir d'éischt dat vum 18. Abrëll 2001, an dat Gesetz vum 20. Juli 1992, wat eng fuerchtbar schwéier Gebuert war. Net ëmgesat ginn d'Artikelen eent bis véier, a sechs bis 14 vun der Direktiv, dat brauche mer net. Interessant a wichteg ass awer och eng Deklaratioun vun der Europäescher Kommissioun, dat ass d'Deklaratioun 2005/295, an där déi Domänen opgezielt sinn, op déi sech de Begrëff „Propriété intellectuelle“ applizéiert. Déi kann een noliessen.

Et sinn der am Ganzen eelef. Mä déi Propriétéiten, déi Propriétés intellectuelles, déi opgezielt sinn, sinn net limitativ, dat heescht, do mierkt Der schonn, dass dee Sektor am Floss ass an dass ëmmer Neies derbäikomme kann, an och bestëmmt Domänen wahrscheinlech nach méi differenziéiert musse gekuckt ginn, wéi dat fir de Moment de Fall ass. Ech denken un de Beräich vun der Informatik.

Schlësselbegrëff fir d'Verständnis vun der Portée vun der Direktiv ass sécher de Begrëff „des contrefaçons à des fins commerciales“. An dat muss een... Et ass relativ schwéier ze iwwersetzen, fannen ech. Wann een zum Beispill elo vum Computer e Lidd erofluet an dat da lauschart, dann ass dat keng „contrefaçon à des fins commerciales“, fällt also net ënnert de Verbuet, deen an dësem Gesetz aus-

geschwat gétt. Hei geet et ganz kloer ëm d'Bestrofe vu Geschäfte, déi mat geknäipte Produkter gemaach ginn; „contrefaire“ heescht jo „ouni Erlaabis eppes no-maachen“.

Den Text dann am Résumé, ganz kuerz, just d'Kapitelen. Am éischte Kapitel ginn déi Domänen definéiert, op déi sech den Droit de propriété intellectuelle bezitt, an da gétt och definéiert, wat en Acte ass, ech zitieren „un acte perpétré à l'échelle commerciale“. Do steet eben dat dran, wat ech scho virdu gesot hunn, an do steet och e kleng Saz dran, dee wahrscheinlech awer och de Riichter vill Spillraum léisst, wann da geklot gétt: Persounen net bestrooft, déi „agissant de bonne foi“. Voilà.

D'Kapitel zwee bezitt sech op d'Artikelen zwee bis 14. Déi beinhalten dann d'Modifikatioun vum Gesetz vum 18. Abrëll 2001, an do hu mer virun allem diskutéiert iwwert d'Ofännerung vum Artikel 74 a vum Artikel 75 an iwwert d'Missiounen vun den zoustännegen Gerichter, déi d'Héicht vun de Strofe kënnen festleeën.

Vläicht generell nach eppes, wat mer net vum Statsrot iwwerholl hunn: De Statsrot hat proposéiert, fir den Term „Tribunal“ dranzesetzen. Mir hunn dat fale gelooss a gesot „Jurisdiction“. Mir hunn den Term „Jurisdiction“ geholl, fir den Term „Tribunal“ ze ersetzen, well am Fong den Term „Jurisdiction“ als Générique ugesi gétt vun allen Tribunauxen, déi duerno méiglech sinn. Ass eng Cour och en Tribunal, etc.? Fir do erauszekommen, hu mer de Générique „Jurisdiction“ geholl.

D'drëtt Kapitel dann, Artikel 15 bis Artikel 21. Do gétt d'Gesetz vum 20. Juli 1992 ëmgeännert, an do gétt et eng wichteg Ajoute, déi do bäikomm ass. Et ass ganz schwéier, eng Iwwersetzung ze fannen dofir: Am Fall vun enger bewisener Fälschung muss op d'mannst déi Zomm bezuelt ginn, déi bei enger legaler Benotzung als Benefiss erauskomm wier. Dat ass e Minimum, deen erreecht gi muss. Also et gétt net eng illimitéiert Strof an de Raum gesat.

D'Kapitel véier bezitt sech op d'Artikelen 22 bis 30. Hei ginn d'Procédures judiciaires opgezielt an d'Rechter an d'Kompetenze vun de Gerichter. An dësem Fall kënnt ee soen: d'Rechter an d'Flichte vun de Gerichter.

Am fënnefte Kapitel gétt prezis gesot, dass den Tribunal d'arrondissement vu Lëtzebuerg als éischt Instanz bei Recours géint eng Verurteilung wéinst Verstéiss géint dat Gesetz, géint de Règlement Nummer sechs, zoustänneg ass, an d'Cour d'appel ass dann och d'Instance d'appel.

Voilà, dat zu dësem Gesetz. Dat war mäi politesche Schwanegesang. Ech hätt mer en am Fong méi schéi virgestallt an der Chamber, an op eng méi einfach, méi volkstümlech, verständlech Aart a Weis. Mä dës Aarbecht war wéi 1992 kee Cauchemar, a wann ee schonn an der Chamber ass a wann ee Gesetzter mécht, da muss een och déi Aarbechte maachen, déi ufalen. Dat ass esou. Op Latäin géif ee soen: Dura lex, sed lex.

Voilà, ech soen lech Merci fir d'Nolauschten.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» Mme le Président. - Merci dem Rapporteur. Éischten agedroene Riedner ass den Här Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

» M. Marc Spautz (CSV). - Madame President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Propriété intellectuelle an d'Breveten, wou de Rapporteur, de Jos Scheuer, elo grad hei d'Gesetz virgestallt huet, dat ass d'Direktiv



Chambre  
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber online op

www.chd.lu